N°510
Entrée le 23.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 510 vun den honorabelen Deputéierte Marc Spautz a Max Hengel**

**Ad 1)**

De lokalen Dispositif an de Grondschoulen, deen sech aus der pedagogescher Equipe an dem I-EBS zesummesetzt, huet d'Méiglechkeet, op d'Differenzéierungsmesuren zeréckzegräifen, déi d'Entwécklung vun de schoulesche Kompetenzen zousätzlech sollen ënnerstëtzen. Reegelméisseg analyséieren déi pedagogesch Equippen de Besoin vun der Schoulpopulatioun, fir doropshin d'Léiersequenzen dësem unzepassen. D'Upassunge bestinn ënnert anerem aus der Ëmsetzung vun Differenzéierungsmesuren, der Organisatioun vun Decloisonnementsmesuren, wärend deene klasseniwwergräifend geschafft gëtt, oder dem punktuelle Suivi duerch eenzel Schüler vu Léiersequenzen, déi an engem anere Cycle ugebuede ginn.

De lokalen Dispositif ass flexibel a kuerzfristeg asetzbar an d'Envergure vun der Interventioun variéiert jee no Schüler vun enger punktueller Interventioun iwwert eng sporadesch Prise en charge bis hin zu engem méi laangfristege Suivi. Wéi schonns an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 8002 präziséiert ass et deemno net méiglech, d'Schüler, déi vun enger Prise en charge duerch den I-EBS profitéieren, statistesch ze erfaassen.

Um regionalen Niveau elaboréiert d'Commission d'inclusion (CI), virausgesat d'Elteren hunn hiren Accord ginn, een Diagnostic vun de Besoine vum Schüler, an erstellt eng Beschreiwung vun den Hëllefstellungen, vun deenen de Schüler soll profitéieren, esou wéi och ee Plan de prise en charge individualisé. Dës Mesurë bestinn ënnert anerem aus der Adaptatioun vum Enseignement an der Klass, engem Atelier de développement et d'apprentissage oder enger Assistance en classe, déi duerch ee Member vun der Équipe de soutien des élèves à besoins éducatifs spécifiques (ESEB) assuréiert gëtt.

| ***Unzuel u Schüler an der Grondschoul, déi vun enger zousätzlecher Hëllef duerch d'ESEB profitéiert hunn*** | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **2019/2020** | **2020/2021** | **2021/2022** | **2022/2023** | **2023/2024** |
| 702 | 717 | 1.383 | 1.575 | 2.574 |

**Ad 2)**

Fir den Enseignement secondaire goufe mam Gesetz vum 30. Juni 2023 iwwert d'Wuelbefanne vun de Schüler an déi inklusiv Beschoulung rezent de Fonctionnement an d'Zoustännegkeete vun der Commission d'inclusion (CI) am Lycée nei organiséiert. Gläichzäiteg goufen, grad wéi fir d'Grondschoulen, Équipes de soutien des élèves à besoins éducatifs spécifiques (ESEB) an de Lycéeë geschaf, déi eng Prise en charge vu Schüler mat spezifesche Besoinen assuréiere kënnen. Ausser der ESEB bitt awer och de SePAS aus dem jeeweilege Lycée eng Rei Moossnamen un, déi Schüler mat spezifesche Besoinen zeguttkomme kënnen. Änlech wéi an der Grondschoul ass den Dispositif mat der

ESEB an och dem SePAS flexibel a kuerzfristeg asetzbar. D'Envergure vun der Interventioun variéiert jee no Schüler vun enger méi punktueller Interventioun bis hin zu engem laangfristege Suivi.

Well den Dispositif am Enseignement secondaire, wéi virdrun erwäänt, nei ass, leien hei aktuell just vergläichbar Zuele vun deene leschten zwee Schouljoer vir.

| ***Unzuel u Schüler am Lycée, déi vun enger zousätzlecher Hëllef duerch d'ESEB profitéiert hunn*** | |
|---|---|
| **2021/2022** | **2022/2023** |
| 1.357 | 2.419 |

**Ad 3)**

Déi aacht national Kompetenzzentre bidden nom Prinzip vun der Subsidiaritéit dann eng Prise en charge un, wann déi lokal respektiv regional Mesuren net duer ginn, fir dem Schüler a senge spezifesche Besoine gerecht ze ginn. Hei kann dann déi national Inklusiounskommissioun (CNI), nodeems si een oder méi Kompetenzzentre mat engem spezialiséierten Diagnostic chargéiert huet, den Eltere verschidde Moossname proposéieren. Dës Moossname ginn, nieft der Berodung vun den Elteren an dem Léierpersonal, vun engem spezialiséierten Atelier iwwert eng ambulant Prise en charge vum Schüler a senger Klass vun der Grondschoul oder dem Lycée bis hin zu enger spezialiséierter Beschoulung an enger vun de Klasse vum Kompetenzzentrum.

D'Prise-en-chargen, esou wéi se iwwert déi leschte fënnef Joer ëmgesat goufen, sinn am follgenden Tableau illustréiert:

| ***Unzuel u Schüler, déi eng Prise en charge duerch e Kompetenzzentrum kruten*** | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **2018/2019** | **2019/2020** | **2020/2021** | **2021/2022** | **2022/2023** |
| 1.640 | 1.661 | 1.734 | 1.877 | 2.119 |

**Ad 4)**

Déi heefegst spezifesch Besoinen, déi eng entspriechend Prise en charge erfuerdert hunn, louchen an de Beräicher vun der Sproochentwécklung, der intellektueller Entwécklung, den Autismus-Spektrum-Stéierungen an an der sozio-emotionaler Entwécklung.

Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH